Rosa Lëtzebuerg
3, rue des Capucins
L-1313 Luxembourg
info@rosa-letzebuerg.lu
www.rosa-letzebuerg.lu

# Communiqué de presse

*Betrëfft: Reaktioun op dem CSV Parteipresident Marc Spautz seng inakzeptabel verbal Entgleisungen en Dënschdeg den Owend zu Esch beim Ofschloss vun de Bezierkskongresser vun der CSV am Süden.*

Mat dësem Schreiwes erkläre mir eis zudéifst entsat an extrem rosen iwwert déi diskriminéierend an homophob Referenz vum CSV Parteipresident Marc Spautz op d'sexuell Orientéierung vum Här Minister Etienne Schneider.

Deen immens schlechten an deplacéierte „Witz" iwwer rosa Uniforme vum Här Spautz war gläichermoossen ignorant, respektlos, jugéierend a beleidegend fir all homosexuell-e Matbierger-in a fir déi ganz LGBTIQ Communautéit zu Lëtzebuerg am allgemengen. Hei brauch een och guer net ze versichen d'Saach schéin ze schwätzen oder soss ze banaliséieren. Hei gouf op allerdéifstem Niveau den Uz, net mat engem abstrakte Sujet gemaach mä mat Mënschen déi och 2018 zu Lëtzebuerg nach ëmmer reegelméisseg mat Viruerteeler a Problemer an hirem respektiven Alldag ze kämpfen hunn. Dëst war net nëmmen en direkte Schlag an d'Gesiicht fir eis ganz Communautéit mä bedeit och Fudder a Bestätegung fir all homophob Idioten dobausse fir eis all Dag op 1000 verschidden Aart a Weisen dierfen ze diskriminéieren. Wéi muss sech wuel e jonke Mënsch fillen deen sech grad entdeckt a nach voller Zweiwel an Ängschten ass, wa grad e fréiere Familljeminister esou verbal entgleist?

Huet den Här Spautz da guer kee Bewosstsinn iwwert dee vernichtenden Impakt deen esou bëlleg Witzer grad op déi Jéngst an déi Schwächsten innerhalb vun enger Minoritéit kann hunn? Oder ass et him einfach egal? Dat nächst Joer schreiwe mer de ronne Gebuertsdag vu 50 Joer Homosexuellebeweegung. Dat ware bis dato 49 Joer gefëllt mat Millioune vun individuelle Liewensgeschichten déi allzedacks geprägt ware vu Leed, Tréinen a Misär. Dat waren awer och 49 Joer voller Kampfgeescht, Courage a Motivatioun fir eis Welt e Stéck méi gerecht an egalitär ze gestalten.

Alles dat gouf en Dënschdeg den Owend mat engem eenzege rosa Witz mat Féiss getréppelt. 49 Joer Sensibiliséierung an Opklärung einfach ausgelaacht. Dat ganzt huet zuguer nawell och säin Applaus fonnt. Ass dat wierklech de Punkt wou mer 2018 ukomm sinn? Mir soe kloer NEEN! De Schued ass ugeriicht an d'Konsequenzen droe mir als Communautéit nees, fir weider Wochen a Méint an heiansdo Jorelaang. An deem Sënn konnt Är Entschëllegung op Facebook eis beim beschte Wellen och net wierklech iwwerzeegen. Mir waren, sinn, a bleiwen Aktivisten, Här Spautz, an zwar esou laang bis et Spréch ewéi dee vun Iech keng méi ginn!

*De Verwaltungsroot vu Rosa Lëtzebuerg*